N°6464
Reçu le 08.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.07.2022

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,
Référence: 840/2022
11 JUIL. 2022
A traiter par:
Copie à:

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 8. Juli 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

An Holland eskaléieren den Ament d'Bauereprotester. D'Roserei vun de betraffene landwirtschaftlechen Acteuren ass awer op eng gewëss Manéier och nozevollzéien. D'Regierung huet nämlech méi streng Oplage beim Ausstouss vu Schuedstoffer, notamment Stéckstoff an Ammoniak, decidéiert. Dës solle bis 2030 ëm 50 Prozent reduzéiert ginn. Dës Mesurë viséiere virun allem d'Baueren, déi Notzvéi halen. An deem Kontext sinn d'Previsiounen dramatesch: Et rechent een domat, datt duerch dës Mesurë bis zu 30 Prozent vun de Bauerebetriber, déi Notzvéi halen, net méi weider schaffe kënnen. Dës Leit riskéieren also ganz konkret, hir Existenz ze verléieren.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister:

1. Wéi schätzt den Här Minister d'Situatioun an Holland an? Kann hien d'Existenzangscht vun de villen hollännesche Baueren novollzéien?
2. Ugeholl, d'Lëtzebuerger Regierung géif déi nämmlecht Mesuren huelen, wéi dat an Holland de Fall ass: Wéi vill Lëtzebuerger Bauerebetriber missten an deem Fall ëm hir Existenz fäerten?
3. Kann den Här Minister confirméieren, datt an Zukunft net och zu Lëtzebuerg sollen änlech Mesurë wéi an Holland getraff ginn, déi d'Existenz vu ganz ville Lëtzebuerger Baueren op d'Spill setzen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6464 vun dem éierbaren Deputéierten Jeff Engelen**

**1. Wéi schätzt den Här Minister d'Situatioun an Holland an? Kann hien d'Existenzangscht vun de villen hollännesche Baueren novollzéien?**

**2. Ugeholl, d'Lëtzebuerger Regierung géif déi nämmlecht Mesuren huelen, wéi dat an Holland de Fall ass: Wéi vill lëtzebuerger Bauerebetriber missten an deem Fall ëm hir Existenz fäerten?**

**3. Kann den Här Minister confirméieren, datt an Zukunft net och zu Lëtzebuerg änlech Mesurë wéi an Holland solle getraff ginn, déi d'Existenz vu ganz ville lëtzebuerger Baueren op d'Spill setzen?**

Et ass net um lëtzebuergesche Landwirtschaftsminister fir d'Situatioun an engem anere Memberstaat ze evaluéieren. Et muss een awer soen, datt Holland viru groussen Erausfuerderunge steet, fir d'Stéckstoffemissiounen ze reduzéieren, genausou wéi all aner EU-Memberstaat dat maache muss.

D'Lëtzebuerger Regierung envisagéiert net fir déi selwecht Mesuren ze huele wéi Holland.

Am Kader vum strategesche Plang fir d'Ëmsetzung vun der PAC 2023-27 ginn notamment eng ganz Panoplie vu Moossname proposéiert, déi d'Baueren ënnerstëtze wäerten, fir den Ausstouss vu Schuedstoffer an der Landwirtschaft ze reduzéieren, dëst souwuel um Niveau vun den Agrarëmweltmoossnamen, den Ecoschemes an och den Investitiounsbäihëllefen.

Ziel ass fir d'Zukunft vun der Landwirtschaft och hei am Land ofzesécheren, andeem se nach méi nohalteg gëtt.

Lëtzebuerg, den 20. September 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN